piraten.lu

N°2765
Entrée le 11.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.08.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

De Sport gëtt direkt an indirekt duerch Steiergelder finanzéiert a grad um lokalen Niveau sinn d'Gemengen immens an hier Sportsclibb mat agebonnen. Heiansdo kënnt et vir, dass bei Aarbechtsplazen an der Gemeng Spiller vum lokale Fussballclub bevirdeelegt ginn.

Ech hat d'Fro gestallt (n°2632), ob ee Veräin engem Spiller dierf eng Aarbechtsplaz op der Gemeng an Aussicht stellen, wat problematesch ass a grad nach méi, wann de Buergermeeschter Comitésmember vum selwechte Veräin ass. Den Inneminister huet hei drop just geäntwert, dass de Gemengerot an de Schäfferot fir d'Astelle vu Personal zoustänneg sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Dierf eng Plaz op der Gemeng mat der Géigeleeschtung verbonne sinn, dass een an engem lokale Sportsveräin ënnerschreift?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés